piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Den Héichschoulministère wëll d'Universitéit Lëtzebuerg duerch en externen Audit ënnersiche loossen, dëst nom Opkomme vu villen Mëssstänn. No zwou ëffentlechen Ausschreiwunge gouf bis elo awer keng Privatfirma eng Offer agereecht. D'Ministesch huet de 24te September op RTL ugekënnegt, datt den Audit wäert duerchgefouert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung gepréift, ob eng aner staatlech Institutioun, wéi zum Beispill d'Inspection des Finances, een Audit oder eng äquivalent Analyse vun der Universitéit maache kéint?
2. Wéi steht d'Ministesch zur Iddi, dass d'Cour des Comptes kéint mat enger Kontroll vun der Universitéit befaasst ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés